

Dir Dammen an Dir Hären, mir fue-re weider mat eisem Ordre du jour a kéimen zur Diskussioun vum Pro-jet de loi 5213 iwwert d'Friddens-geriichter. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Klein, Bettel, Henckes an d'Madame Wagener. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.

Mir hunn nach zwee Gesetzer vum Ordre du jour vun haut de Moien ze erleedegen. An duerno gëtt d'Sit-zung dann opgehuewen an da kënnt d'Mëttessitzung. Dat hei ass jo nach alles d'Fortsetzung vun deem, wat mer de Mueren uge-faangen hunn.

(Hilarité)

Et ass scho spët am Mueren a fréi am Mëtten, mä...

(Interruptions et hilarité)

D'Wuert huet den Här Santer.

10. 5213 - Projet de loi ayant pour objet d'aug-menter le taux de compétence en premier et dernier ressort des justices de paix et de modifier certaines dis-positions:

- du Nouveau Code de procédure civile;

- de la loi modifiée du 18 février 1885 sur les pourvois et la procé-dure en cassation;

- du Code d'instruction criminelle;

- de la loi modifiée du 14 février 1955 portant modification et coordi-nation des dispositions légales et réglemen-taires en matière de baux à loyer;

- de la loi modifiée du 21 avril 1908 concer-nant les vices rédhibi-toires des animaux do-mestiques;

- de la loi modifiée du 10 juin 1898 concer-nant les dégâts acci-dentels causés à la pro-priété superficière par les travaux d'exploita-tion des mines, mi-nières et carrières;

- de la loi du 15 mars 1979 sur l'expropriation pour cause d'utilité pu-blique

Rapport de la Commission juri-dique

M. Patrick Santer (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt Ge-setzesprojeten, déi wichteg sinn, mä déi duerch hir Komplexitéit oder Technicitéit net ze begeesch-tere wëssen. A wann et sech nach dobäi ëm Prozedurfroen...

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

...handelt, da gëtt wierklech d'Be-geeschterungsfaegkeet uerg stra-paziéiert.

Wann Dir lech fir technesch Proze-durfroen an deemem Projet de loi 5213 interesséiert, dann hutt Dir lech bestëmmt schonn op de schrëftleche Rapport gestierzt. Fir déi aner wëll ech dann an e puer Wieder erklären, ëm wat et hei geet.

De Projet de loi reforméiert eis Zi-vilprozedur op véier Punkten. Éischtens gëtt den Taux de compé-tence en dernier ressort vum Frid-densgeriicht an d'Luucht gesat, ausser wann ee Gesetz dem Frid-densgeriicht eng exklusiv Kompe-tenz zouerkennt, zum Beispill an Affäre vu Bail a Loyer ass d'Kom-petenz vum Friddensgeriicht op

Affäre begrenzt, wou de Sträitwäert 10.000 Euro net iwwerschreit.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Mir kënnte vill méi séier iwwert d'Bühn goen.

Doriwwer eraus, iwwer 10.000 Eu-ro, sinn dann d'Bezirksgeriichter zoustänneg. Wann eng Partei mam Uerteel vum Friddensgeriicht net averstanen ass, kann se déi Affär dann en appel op d'Bezirksge-riichter bréngen, da fungéiert d'Be-zirksgeriicht als Juridiction appel vun de Friddensgeriichter.

Fir ze vermeiden, dass déi kleng-sten Affär an Appel geet, ass en Taux de compétence en dernier ressort festgeluecht ginn. Dësen Taux ass elo haut op 750 Euro, dat heescht, datt géint en Urteil vum Friddensgeriicht, bei deem de Sträitwäert manner wéi 750 Euro ass, keen Appel kann ageluecht ginn. A Frankräich läit dësen Taux bei 3.800 Euro, an der Belsch bei 1.860 Euro.

Am Projet de loi, deem d'Regierung am September 2003 agereecht hat, sollt den Taux de compétence en dernier ressort vu 750 op 2.500 Euro gehuewe ginn; dat géif dem Exposé des motifs no eng wesent-lech Erlichterung um Niveau vun de Bezirksgeriichter mat sech bréngen. De Statsrot huet a sen-gem Avis d'Pertinenz vun esou en-ger Argumentatioun a Fro gestallt an huet sech à titre principal géint dës Ännerung ausgesprach. À titre subsidiaire wollt de Statsrot, datt dësen Taux de compétence en dernier ressort net op 2.500 Euro, mä op 1.250 Euro sollt festgeluecht ginn. An der Kommissioun hu mer eis laang mat dëser Problematik auserneegesat a schlussendlech hu mer eis fir en Taux vu 1.500 Eu-ro entscheet, wat dat Duebelt ass vum heitegen Taux.

De Statsrot huet sech vehement a formell dëser Propositionioun oppo-séiert. Mir hunn d'Argumentatioun vum Statsrot verstanen, mä eis huet d'Ursach vun der Opposition formelle net agelicht. Ech wëll hei soen, datt vu Säite vun der eu-ro-päescher Konventioun fir Mën-scherechter den double degré de juridiction nëmmen am Strofrecht spillt, wat hei net de Fall ass; hei si mer op den Zivilgeriichter. D'Kom-missiouen huet dëser Opposition formelle awer Rechnung gedroen an d'Propositionioun vum Statsrot, fir den Taux op 1.250 Euro festze-leeën, ugehall.

Fir beim Friddensgeriicht ze blei-wen integréiert de Projet de loi en europäescht Reglement iwwert d'Zoustännegkeet vun den Aar-bechtsgeriichter a Fäll, wou en Aarbechtsvertrag mat engem Lët-zebuurger Employeur net hei am Land, mä an engem anere Mem-berstat vun der Europäescher Unioun ausgefuert gëtt.

Den zweete Punkt, deem am Projet de loi ugeschwat gëtt, sinn d'Dé-lais de distance. Huele mer mol eng zivilrechtlech Affär vum Be-zirksgeriicht. Wann eng Persoun ugesicht gëtt, huet déi 15 Deeg Zäit fir dem Bezirksgeriicht d'Identitéit vun hirem Affekot mat-zedeelen; wa se dat net mécht, ka se par défaut condemnéiert ginn. Wann déi ugesichte Persoun awer am Ausland wunnt, komme bei déi 15 Deeg nach Délais de distance dobäi. Den heitege System ass deen heiten: Bei déi 15 Deeg kom-men nach 15 Deeg derbäi, wann een am noen Ausland wunnt: Fran-kräich, Däitschland, Belsch an esou weider; ee Mount, also 15 Deeg plus ee Mount, wann een an engem aneren europäesche Land wunnt, inklusiv Zypern an d'Türkei, mä d'UDSSR - dat steet nach dran - net mat abegraff; a 15 Deeg plus zwee Méint fir all déi aner Länner.

Dëse System gëtt dohigoend geännert, datt d'Oplëschung vun de Länner der politescher Realitéit ugepasst gëtt. Gott sei Dank ass d'UDSSR net méi dobäi, an déi eu-ro-päesch Memberlänner gi gläich behandelt. D'Délais de distance gi verkierzt fir deene moderne Kom-

munikatiounssystemer Rechnung ze droen.

Elo sinn d'Délais de distance esou gestaffelt: 15 Deeg plus 15 Deeg fir en anere Memberstat aus der Unioun oder der Association euro-péenne de libre échange, 15 Deeg plus 25 Deeg fir en anert Land an Europa - d'Türkei a Russland sinn do net mat abegraff -, a 15 Deeg plus 35 Deeg fir de Rescht vun der Welt. Wann Der mengt, dës zwee éischt Punkte wären technesch an onverständlech genuch, dann hutt der nach näischt gesinn, well elo komme wierklech déi technesch Aspekter vum Projet de loi, dofir maachen ech et nach méi kuerz.

Den drëtte Punkt handelt ëm d'Re-cevabilitéit vu Pourvoi virun der Cour de Cassation. Déi zwou Än-nerungen, déi gemaach ginn, droen den Observatioun vum Par-quet général, déi am Aktivitéitsbe-richt vum Justizministère fir d'Joer 2002 gemaach gi sinn, Rechnung. Wann Der mat engem Uerteel, wat en dernier ressort gesprach ginn ass, net averstane sidd, kënnt Der dëst Uerteel virun der Cour de Cassation ufechten. D'Cour de Cassation befaasst sech net mam Fong vun der Affär, mä nëmme mat der Fro, ob d'Gerichter d'Règles de droit anstänneg ugewannt hunn. Scho bedéngt eng einfach Klärung vum Pourvoi de cassation eng Pädagogie, déi nëmme wéi-neg Leit op dëser Welt intus hunn, mä fir d'Recevabilitéit vun esou en-gem Pourvoi op eng einfach Aart a Weis ze erklären, dat ass eng Saach vun der Onméiglecheet an Dir wësst jo: „à l'impossible, nul n'est tenu“.

Déi zwou Ännerunge betreffen also éischters d'Cassatioun, wann en Appel op engem Uerteel gemaach ginn ass wat nach net definitiv eva-kuéiert ginn ass, an zweetens d'Recevabilitéit vun engem zweete Pourvoi, wann den éischte Pourvoi als irrecevabel erkläert ginn ass, well en ze fréi gemaach ginn ass.

De leschte Punkt, dee per Amen-dement op den Instanzewee komm ass, dréit sech ëm d'Interventioun vum Parquet an zivilen Affären. Verschidden zivil Affäre mussen dem Parquet communiquéiert ginn, fir datt de Parquet Stellung kann huelen, besonnesch par rapport zu de Froen, déi den Ordre public uginnt. D'Lëscht vun den Affären, déi dem Parquet iwwermëttelt ginn, ass opgefrescht ginn, d'Scheedun-gen an d'Séparations de corps sinn do erausgeholl ginn, mä beim Référé-divorce intervenéiert de Parquet nach ëmmer, opgrond vun engem aneren Artikel - dat ass den Artikel 267bis vum Code civil, deem duerch dëse Projet de loi net geän-nert ginn ass. Dobäi kënnt, fir dem Parquet ze vermeiden, datt e sys-tematesch an allen Affären interve-néiere muss an an der ganzer Pro-zedur, inklusiv de Plädoirien, do muss sinn, dass d'Méiglecheet vun der Interventioun vum Parquet méi flexibel gestalt ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Prozedur virun de Ge-riichter muss dauernd iwwerpräift ginn, fir ze kucken, ob se nach zäit-gemeiss ass oder net méi Froen opwerft oder Hürden opbaut, wéi et néideg ass. Niewent den tech-neschen Ännerungen, wéi déi, déi an deemem Projet de loi stinn, mus-se sech och méi grondsätzlech Froen diesbezüglich stellen, wéi zum Beispill eng generell Iwwer-prëfung vum Regime vun der Cour de Cassation oder eng generell Iw-erpräifung vun den Interventio-nen vum Ministère public. Dës méi schwierig Froen daerfen awer net aus den Ae verluer ginn.

Ech géif lech also bieten, dëse Projet de loi, deem unanime an der Kommissioun ugehall gouf, vläicht well kee sech dofir interesséiert huet,...

(Interruptions diverses)

...esou ze stëmme wéi si e virge-schloen huet an ech ginn den Ac-cord vu menger Fraktioun.

Une voix.- Dir ënnerschätzt all déi aner Leit.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jean-Pierre Klein.

Discussion générale

M. Jean-Pierre Klein (LSAP).- Här President, Dir Dam-men an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur merci fir seng Berich-ter. Wéi de Rapporteur schonn erkläert huet, geet et an deemem Projet ëm d'Eropsetzung vum Taux de compétence an éischter a leschter Instanz bei de Friddens-geriichter, d'Upassung vun den ter-ritorialen Zoustännegkeetsregele vun eisen Aarbechtsgeriichter, d'Reform vun de sou genannten Délais de distance an d'Emänne-rung vun de Regele vun der Rece-vabilitéit vun dem Pourvoi en cas-sation. Ech wëll weider net op déi juristesche, technesch Detailer vun deemem Projet agoen, dat huet de Rapporteur gemaach an deem ass näischt bäizefügen. Par contre, wëll ech eppes zu deem wichteg-ste Punkt vun deemem Projet soen an zwar deem vum Eropsetze vum Taux de compétence an éischter a leschter Instanz bei de Friddens-geriichter.

(Interruption)

Här Bausch, jo, Dir sidd grouse Spezialist hei, Dir kennt eppes do-vunner.

Am Moment läit den Taux de com-pétence an éischter a leschter Ins-tanz bei de Friddensgeriichter bei 750 Euro, dat heescht, datt an den Affären, wou den Enjeu manner wéi 750 oder genau 750 Euro bedréit, keen Appel méiglech ass. D'Regie-rung wollt deem Taux op 2.500 Euro eropsetzen, wat méi wéi eng Ver-dräifachung vun deem Taux duer-stellt an dat géing ech iwwerdriv-we fannen. D'Argument vun der Regierung ass fir ze soen: Eis Ge-riichter missten entlaascht ginn. Genau wéi de Statsrot kann ech dat Argument net deelen.

An eisem Rechtssystem kenne mer de Prinzip vum double degré de ju-ridiction, dat ass e Recht dat all Justiciablen huet. Mam draste-schen Eropsetze vum Taux de compétence gëtt d'Recht vum Jus-ticiable, deenen Appel an enger Affär wëllt maachen, wou den En-jeu méi kleng ass, ewechgeholl. An deenen Affäre wou et ëm net vill Sue geet, zitt de Justiciable net vi-ru Geriicht weinst de Suen, déi um Spill stinn - souwisou si meesch-tens d'Affekotekäschte méi héich wéi den Enjeu vun der Affär selwer -, mä bei esou enger Affär geet et dem Justiciable ëm de Prinzip, ob-wuel datt een aus enger klenger Affär kee Prinzip sollt maachen. Och net all Bierger huet dat néi-degt Vertrauen an eis Justiz an net selte kënnt et vir, dass e Justiciable sech ongerecht vun der Justiz be-handelt fillt. An deene Fäll ass et gutt, wann en da kann an Appel goen a seng Affär nach eng Kéier ka virdroen a behandle loossen. Wann een elo higeet an et hält een dem Justiciable d'Recht fir Appel an esou klengen Affären ze ma-chen ewech, dann ass dat net gutt an dat dréit net dozou bäi, fir d'Ve-trauwe vum Bierger an eis Justiz ze stärken.

Dat heite gesot, sinn ech net prinzi-piell géint eng Erhéijung vun dë-sem Taux de compétence, well ebe vun Zäit zu Zäit deen Taux un d'Ge-gebenheete muss adaptéiert ginn. Ech sinn awer dergéint, fir den Taux esou drastesch eropzeset-zen, wéi d'Regierung dat Wëlles hat ze maachen, dat heescht eng méi wéi Verdräifachung vum Taux, wat, wéi ech scho gesot hunn, iw-werdrinnen ass. Et wäert jo net esou sinn, dass de Justizminister hei de Riichter wëll entlaaschten op Käsche vum Justiciable, fir Per-sonal bei de Geriichter anzespuen-respektiv net musse weider Personal anzustellen; dat wier e fal-scht Signal. Andeem sech de

Statsrot deem widderst huet, fir den Taux op 2.500 eropzesetzen, ass elo am Projet festgehalde fir den Taux op 1.250 Euro eropzesetzen.

Här Minister, wa mer schonn iwwert d'Friddensgeriichter schwätzen, da wëll ech lech un d'Zoustänn erënneren, wéi d'Leit zu Esch um Friddensgeriicht schaffen. Déi schaffen do ënner ganz schlechte Konditiounen et ass och schonn décidéiert ginn, dass zu Esch sollt en neit Friddensgeriicht kommen. D'Décisioun um Niveau vun der Regierung ass geholl. D'Gemeng Esch huet och schon hire PAP an deem Sënn arrétéiert an approu-véiert; et hânt elo nach just drun, dass d'Regierung soll viru maache fir d'Baugenehmegung ze froen, fir dass dat kann exekutéiert ginn.

Voilà, dat gesot, géing ech fir dëse Projet de loi d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun bréngen.

M. le Président.- Den Här Xavier Bettel ass als nächste Ried-ner agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

(Interruptions)

M. Xavier Bettel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hä-ren, fir d'éischt wëll ech dem Pa-trick Santer merci soe fir säi Rap-port. Hien huet virdru gesot, dass et net vill Leit interesséiert huet an der Kommissioun. Dat ass net wouer, an der Kommissioun hu mer jo awer konstruktiv matgeschafft a mir hunn et jo selwer färddeg bruecht - ech hunn et am Rapport gelies -, fir dee Montant vun 2.500 Euro, wou d'Regierung jo am Ufank zréckgehal hat, duerch zwee ge-deelt ze kréien an op 1.250 Euro erofzesetzen.

Dir sot, et géif net vill Leit an der Kommissioun interesséieren, mä dofir awer d'Leit dobaussen. Wann een ee Prozess mécht an et ver-léiert een eng Affär vun 2.500 Euro, dat heescht 100.000 LUF, da sinn dat vill Suen. A fir de Bierger, deen net vill finanziell Moyenen huet an dee mengt e géif an éischter In-stanz Recht kréien, well en iwwer-zeegt ass, dass e Recht huet, an e geet op d'Gericht an e kritt do On-recht, ass et dann eben domm gaangen. Dann ass d'Uerteel eben definitiv an dann huet e säi Prozess verluer a wann een dat op 100.000 Frang fixéiert hätt, da wier et eben definitiv gewiescht. An dofir sinn ech frou, dass d'Kommissioun, och wann an eisem Amendement am Ufank vu 1.500 Euro Rieds war, elo duerch d'Oppositionioun vum Conseil d'État dee Betrag op 1.250 Euro zréckgesat huet.

Une voix.- Dir gesitt heiansdo e bësse grouss.

M. Xavier Bettel (DP).- Also mir waren et net, mir hate jo déi Montante proposéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei deenen anere Punkte wëll ech net an d'Detailer goen; ech mengen, et ass immens tech-nesch an et wäert och net vill Leit interesséieren à part d'Affekoten.

(Hilarité et interruptions di-verses)

Här Henckes, maacht emol den Avoué an dann diskutéiere mer do-riwwer.

Mä op jidde Fall musse verschidde Punkte vun der Procédure civile verbessert ginn an och déi mat den Délais de distance a mam Droit du travail. Deen eenzege Punkt, deen nach wichteg ass, dat ass dee vum Parquet bei den Divorcen. Do souz nämlech de Substitut dann de gan-ze Moien an de ganze Mëtteg an enger Sitzung, fir, wann en d'Wuert kritt huet, ze soen: «Je me rapporte à prudence et à sagesse de votre Tribunal.» Dofir wor deen d'ganz Woch blockéiert, konnt net schaf-fen, konnt seng Dossieren net maa-chen, konnt op jidde Fall net am In-térêt vun der Justiz schaffen, an dofir ass et och ganz wichteg deen heite Punkt ze reforméieren.

Et ass gesot ginn, dee Montant muss gehéicht ginn, well zevill Affären um Geriicht sinn. Mir hu vill nei Riichter an agestallt an dëser Legislaturperiod. Fir mech ass dat de richteg Wee. Et soll een net kucke fir d'Gerichter ze désengorgéieren andeem een den Appel a verschiddene Punkten ofschaaft. Ech mengen, den double degré de juridiction ass ganz, ganz wichteg fir de Bierger, well en d'Gefill huet, dass en d'Méiglechkeet huet, wann e mat engem éischten Uerteel net averstanen ass, awer Appel ze maachen.

Op jidde Fall bréngen ech den Accord vun der Demokratescher Partei.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, ech wollt just nëmmen den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojekt bréngen. Et ass wichteg, datt mer e puer prozedural Vereinfachunge maachen, déi dem gesonde Mënscheverstand entspriechen an dofir kënn Der och op d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun rechnen zu dësem Projet.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Renée Wagener.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, mir soe Jo zu deem Projet.

M. le Président.- Den Här Minister seet och Jo. Da maache mer elo d'Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de virleien de Gesetzesprojekt 5213.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass mat 52 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun ugehall.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Paul-Henri Meyers), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM.

Théo Stendebach, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Théo Stendebach) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Xavier Bettel), Emile Calmes (par M. Gusty Graas), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps (par M. John Schummer), Claude Meisch, Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch et M. Jos Scheuer (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener;

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

An da kéime mer zum Projet de loi 5232 iwwert d'Akommessteieren. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Krecké a Rippinger.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert.

11. 5232 - Projet de loi portant modification de certaines dispositions de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu et de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5232 huet éischens als Objektiv d'Ëmsetzung vun enger Direktiv vun der Europäescher Kommission, déi am Fong geholl d'Ofschafe vun der Duebelbesteuerung op den Zënsen a Redevancen, déi grenziwwerschreidend vun enger Gesellschaft un eng aner associéiert Gesellschaft oder en Établissement stable ausbezuelt gëtt.

Dës Ofschaffung vun der Duebelbesteuerung geschitt doduerch, dass d'Redevance à la source, d'Besteuerung à la source op den Zënsen an de Redevancé soll ausbezuelt ginn.

En zweeten Objektiv ass am Fong de Corollaire vun dem Ëmsetze vun der Direktiv. De Projet gesäit vir, dass all déi Elementer vun dem Verméigen, déi en Non-résident bei eis, oder an esou engem Land huet, an iwwert déi en déi Revenuë bezitt, dann och vun der Verméigenssteuer befreit ginn an doduerch gëtt den Artikel 77 vun dem Bewäertungsgesetz ëmgeännert.

En drëtten Objektiv ass dee fir verschidden Ëmännerungen um Steiergesetz virzugesi fir méi Klarheet an d'Gesetz eranzebréngen. Dat sinn d'Artikele 15, 59, 113, den Alinéa 8 vum Artikel 156, an den Alinéa 6 vum Artikel 154 vum Steiergesetz. Ech wëll net an d'Detailer vun deenen Artikelen agoen.

E véierten Objektiv ass dee fir eis Dispositiounen, déi am Gesetz virzesi sinn, an zwar am Artikel 164bis vum Steiergesetz iwwert d'Intégration fiscale an deen iwwert de Besteuerungsregime vun de Mammen- an Duechtergesellschaften, déi am Artikel 166 vum Steiergesetz virzesi sinn, méi kloer un d'Dispositiounen vum europäeschen Traité unzepassen.

Ganz kuerz wat d'Ëmsetze vun der Direktiv ubelaangt. D'Direktiv gesäit also vir, datt d'Bezuele vun Zënsen a Redevancen tëschent associéierte Gesellschaften, déi an zwee verschiddenen EU-Länner etabléiert sinn, am Fong geholl vun der Retenue à la source befreit sinn. Wéi gesot, den Objektiv dovun ass fir d'Duebelbesteuerung ze verhënneren. D'Direktiv gesäit d'Méiglechkeet vun enger Derogatioun vir an deem Fall vu Créancen, vun deenen eng Klausel vun enger Gewënnbedeelegung virgesinn ass.

Eis Gesetzgebung gesäit de Moment just nach vir, dass eng Retenue à la source fir Non-résidenten am Fong geholl just op den Zënse fir Hypothéksscholden, dat heescht Scholden, déi am Registre des hypothèques agedroe sinn, ka gemaach ginn, och nach beim Ausbezuale vun engem Undeel un engem Benefiss un ee Créancier, wat d'Klausel vun enger Gewënnbedeelegung virgesäit an drëtten déi supplementar Zënsen, déi un den Obligataire, dat heescht un de Besëtzer vun Obligatiounen bezuelt gëtt, wann d'Obligatioun virgesäit, dass eng Benefissbedeelegung ka virgeholl ginn.

Am Prinzip ass déi Besteuerung, déi Retenue à la source ëmmer vir-

gesinn an dem Duebelbesteuerungssofkomme wat mer mat deene verschiddene Länner hunn an am Prinzip ginn déi Zënsen am Fong nëmmen do besteiert wou de Bénéficiaire wunnt. D'Duebelbesteuerungssofkomme gesäit awer ëmmer vir, dass eng minimal Besteuerung à la source ka gemaach ginn. Esouwuel fir d'Zënse wéi fir d'Redevancé gesäit also elo eist Gesetz vir, fir déi vun der Retenue à la source ze befreien. D'Gesetz geet an deem Sënn méi wäit, well virgesinn ass, datt net nëmme vun de Redevancen an den Intéréten, déi tëschent associéierte Gesellschaften ausbezuelt ginn, mä déi egal un en Non-résident ausbezuelt ginn, dat heescht, och wann dat eng Privatpersoun ass, keng Retenue à la source méi gemaach gëtt. Mä de Projet mécht de Gebrauch vun der Derogatioun, déi an der Direktiv virgesinn ass, dat heescht, datt déi Zënsen, déi am Fong geholl an enger Klausel vun der Bedeelegung vum Benefiss virzesi sinn, de Moment nach ëmmer der Retenue à la source ënnerleien.

Voilà, d'Chambre professionnelle an de Statsrot hunn en Avis favorable zu dësem Projet ofginn. D'Kommissioun huet och unanime de Rapport vun der Kommissioun ugehall a si proposéiert lech, d'Gesetz esou ze stëmme wéi et hei am Rapport annexéiert ass an ech bréngen domadder den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- Éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jeannot Krecké.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, vu datt dat do e Bestanddeel ass vun deem Paquet fiscal, deen u sech ofgemaach gi war schonn 1997 ënner Lëtzebuerger Présidence, brénge mir och den Accord no den Explikatiounen vum Rapporteur, dee wéi ëmmer dat ganz explizit gemaach huet. Domat soen ech lech merci, Här President.

M. le Président.- Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, et wonnert mech, dass den Här Krecké net kritiséiert, dass dat esou laang gedauert huet, well et schonn 1997 ënner hirer Herrschaft zustane komm ass. Mä ech wëll dem Här Hauptert villmools merci soe fir säin excellente Rapport a well hien deen esou gutt gemaach huet, stëmme mir et och.

M. le Président.- Mir kommen dann zur Lecture vun den Arti-

kelen a stëmmen iwwert de Projet of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert dat virleien de Gesetz.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass ugehall mat 52 Jo-Stëmmen an 1 Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Jean-Paul Rippinger), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. John Schummer) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par Mme Lydia Mutsch), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch et M. Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

A voté non: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun eisem Ordre du jour vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass um hallwer véier. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 15.20 heures)

Ordre du jour

- 5092 - Projet de loi portant organisation des lycées et lycées techniques
(Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motions)
- 5113 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 21 mars 1966 portant institution d'un Conseil économique et social et portant modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État
(Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mme Anne Brasseur et M. François Biltgen, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.33 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Da komme mer elo als éischte Punkt zur Diskussioun vum Projet de loi 5092 iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën an den technesche Lycéeën. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et sinn agedroen den Här Wiseler, d'Madame Delvaux, den Här Meisch, d'Madame Reuter an den Här Scheuer. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Agny Durdu.

1. 5092 - Projet de loi portant organisation des lycées et lycées techniques

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

Mme Agny Durdu (DP), rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee virleien de Projet de loi ass den 29. Januar d'lescht Joer deponéiert ginn. En ass aviséiert gi vun der Chambre des Employés privés a vum Statsrot, an d'Syndikater - APESS, Fiduse, CGFP, SEW, OGB-L - hu souguer eng Pétitioun lancéiert géint dese Projet de loi, wou se bestëmmten Ännerunge gäre gehat hätten, an op Basis do dovunner hate mer si zesumme mat der Pétitiounskommissioun de 4. Dezember 2003 gehéiert.

Op Basis vun all dësen Avisen an Aussoen hu mer eis Aarbechten an der Chamberskommissioun ugefaangen. Ech wëll hei profitéieren, fir alle Kollegen, sou gutt deene vun der Oppositioun wéi deene

vun der Majoritéit, e ganz häerzleche Merci ze soen, sou gutt fir déi Schrëftlech wéi fir déi mëndlech Amendementer, déi erakomm sinn. Well ech kann lech versécheren, vun dësem Projet de loi sinn nach vläicht eng hallef Dosen Artikelen, déi ouni Amendementer hei wäerten duerch de Plenum goen, wat drop schlësse léisst, dass mer intensiivst un dësem Text geschafft hunn, wou och en Avis complémentaire vum Statsrot dozou vläit.

Dese Projet de loi gëtt am Volleksmond, wann ech dat esou däerf soen, normalerweis mat Autonomiesgesetz ëmschriwwen, mä et ass am Fong geholl wäit méi. Well et sinn am Fong geholl dräi Voleten, déi an dësem Gesetz beliicht ginn. Éischens gëtt hei definéiert, wat d'Roll vun dem Lycée respektiv vun der Schoul ass. Et gëtt hei definéiert, wat dann d'Autonomie vun de Lycéeën ass. An dat drëtt ass, datt d'Strukture vun de Lycéeën definéiert ginn, respektiv vun de